N°7060
Entrée le 25.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 25.10.2022

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg de 25. Oktober 2022

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister, den Här Energieminister an d'Madamm Finanzminister weiderzeleeden.

Lëtzebuerg erreecht seng Klimaziler reegelméisseg doduerch, datt mir CO2-Zertifikater am Ausland akafen.

An deem Zesummenhang géife mir der Regierung gär dës Fro stellen:

1) Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi héich den Undeel un CO2-Emissioune war dee Lëtzebuerg säit 2015 all Joers am Ausland kompenséiert huet a wéi een entspriechende Montant duerfir jeeweils huet missen opbruecht ginn? Kann d'Regierung an deem Zesummenhang preziséieren, ënnert wéi engem Budgetsartikel déi eenzel Beträg gefloss sinn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Fred Keup
Deputéierten

N° 7060
Entrée le 09.11.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an der Finanzministesch op d'parlamentaresch Fro n°7060 vum 25. Oktober 2022 vun den éierewäerten Députéierten Här Fernand Kartheiser an Här Fred Keup iwwert "Certificats de CO2"

Lëtzebuerg huet säin Emissiounsbudget iwwer déi ganz Lafzäit vun der zweeter Period vum Kyoto Protokoll (2013-2020) agehalen an huet dowéinst net op CO_2-Zertifikater aus dem Ausland mussen zréckgräifen.

Och am Joer 2021 huet Lëtzebuerg, laut der provisorescher Zäregasemissiounsbilanz, seng Klimaziler eegestänneg agehalen.

Lëtzebuerg, den 9. November 2022
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung